Friddensliicht

Rallye mat Statiounen – fir Biber/ Wëllef

Wee virbereeden duerch de Bësch oder op enger grousser Plaz dobaussen, Poste festleeën. D'Kanner maachen sech a Gruppen op de Wee. Op de Statiounen hänke Panneaue mat der Beschreiwung wat ee maache muss. Tëschenduerch gëtt d'Geschicht erzielt.

Dëse Rallye kann een och als Nuetsspill maachen oder als Spiriveillée op engem Camp.

Erzielung :

De Simeon e klengen Hiertejong huet mat sengem Meeschter Abdon um Feld d'Schof gehitt. Hie war nach ganz onerfueren, an dofir huet de Meeschter him vill Weisheete mat op de Wee ginn.

De Simeon krut vu sengem Meeschter den Optrag, sech em dat klengste Schof ze këmmeren. Hien huet gutt drop opgepasst an huet et och heiansdo op de Schëllere gedroen. Hien war richteg frou mam klenge Schof.

Eng Kéier war de Simeon immens midd. Hien huet sech zesumme mam klenge Schof ënnert e Bam geluecht an ass ageschlof. Wéi hien erëm wakereg ginn ass, war säi Schof net méi do. De Simeon war ganz opgereegt, an huet iwwerall no sengem Schof gesicht. Mee hat war verschwonnen.

De Meeschter Abdon huet gehollef sichen, mee wéi et däischter ginn ass, huet hien em Simeon eng Lanter mat engem Liicht op de Wee ginn an sot zu him: „Ech trauen dir zou, dass du däi Schof erëmfënns, esou nu tommel dech a maach dech op de Wee:“ esou huet hien en an d'Nuecht geschéckt.

Posten: 1

De Simeon wollt d'Schof erëmfannen. Hie huet iwwerall geruff, mee ouni erfolleg. Du begéint hien engem Mann: Hues du net villäicht e klengt Schof gesinn?“ „Nee, ech sinn eleng, mat mir gëtt keen sech of. Ech sinn schonn laang kengem Mensch méi begéint. Mech well keen. Mäin Liewen ass nëmmen däischter an huet keen Sënn méi.Fir mech gëtt et keen Auswee méi“ sot den Mann.

De Simeon well dem Mann weisen dat et en Auswee gëtt.

Spill: Zwëschent zwee Beem e Spannennetz flechten an doduerch klammen. Een hëlleft deem aneren dobäi



Ier den Simeon weidergeet, gëtt en dem Mann nach Liicht vun senger Lanter a setzt him et dohinner. (Téiliichtchen ufänken an um Posten stoenloossssen)


De Simeon well awer keng Zäit verléieren. Hien geet weider. Hien muss jo säin Schof erëmfannen.

Posten: 2

Lues fänkt hien un midd ze ginn. An enger Hiel well hien raschten. Virsichteg liicht hien mat sénger lanter an d'Hiel eran. Do gesäit hien an der Hiel am Eck zesummengedruddelt en Schéiferhond. Deen ass bestëmmt engem Hiert fortgelaf. De Mupp gesäit ganz traureg an verloossen aus, op enger Patt ass hien verletzt. An der Hiel ass et kal. Den Simeon dréckt sech widder de Mupp an heemelt hien. Elo spiert hien sech net méi eleng. Mat enger Fatz verbënnt hien dem Mupp seng Patt. „Elo kanns du erëm geschwënn richteg lafen." Zesumme raschten si.

De Mupp deet dem Simeon leed. Hien huet en a säin Häerz geschloss. Hien schénkt him e Bändchen fir a säin Hals.

Frëndschaftsbändchen maachen an austauschen.



Mee den Simeon muss weidergoen. De Mupp kuckt den Simeon ganz traureg un. De Simeon seet: „Ech kommen erëm wann ech mäin Schof erëmfonnt hunn, an dann huelen ech dech mat. Awer hei ass e Liicht aus menger Lanter, dann ass et méi hell bis ech erëmkommen,“ an hien setzt dem Hond e Liicht virun seng Hiel – (Téiliichten ufänken an um Posten stoe loossen)

De Simeon geet weider, hien denkt u säi Schof, an un dat wat de Meeschter him gesot huet. „Ech trauen dir zou, dass du däin Schof erëmfënns.“ An hien gleewt um Meechter seng Wieder, an geet weider an d’Nuecht eran. Vu wäitem gesäit hien en Duerf dat beliicht ass.

Posten: 3

Am Agang vum Duerf op enger Bänk an engem alen Schlofsak léit e Mann ze schlofen. „Hee, hues du villäicht mäin klengt Schof gesinn?“ „ E Schof, nee, ech hunn ganz aner Suergen, wéi e Schof ze sichen. Ech hunn keng Aarbecht a kee Geld fir ze liewen. Ech wunnen op der Strooss a hunn keen Dag iwwert dem Kapp. Ech liewen vum heeschen goen.“ De Simeon well em Mann hëllefen.

Spill: um Posten sinn Geldménzen aus Schokola verstoppt. Mir sichen se a bréngen se zesummen, an deelen.

Ier den Simeon weidergeet, setzt hien dem Mann nach e Liichtchen dohinner (Téiliichtchen ufänken an um Posten stoe loossen)

Lues fänkt et un hell ze ginn, den Simeon wandert weider. Villäicht begéint hien hei am Duerf een deen säi Schof fonnt huet.

Posten: 3

De Simeon héiert Stëmmen, zwee Kanner  kommen him entgéint. „Looss mech mat Rou, du bass net méi mäi Frënn/dinn, ech well näischt méi mat dir ze dinn hunn“ déi zwee hunn décke Sträit. Si erzielen wat hinnen geschidd ass.

Spill: 3 verschidden Kuerzgeschichten: Klauen – klappen – auschléissen

wou géifen mir verzéien?  Wéi kéint een d’Saach erëm an d’Réi bréngen?

Klauen:

De Paul huet e Fussball-Stickeralbum, him feelen nach genau 2 Stickeren an dann ass säin Album voll. De Jann huet fir ze tausche genau déi 2 déi him nach feelen, mee hie well him se net ginn. An der Paus huet de Jann wéi kee gekuckt huet him se aus dem Schoulsak geklaut.

Ausschléissen:

An der Paus hunn d’Jenny an d’Anne sech bäi der Joffer e Seel gefrot fir am Haff domat ze sprangen. D’Lisa well och matmaachen, mee si froe léiwer d’Jessica aus der anerer Klass, a loossen d’Lisa einfach do stoen.

Klappen:

De Kewin stéisst beim erausgoen den Alex esou fest, dass deen de laange Wee dohinner flitt, a laacht en duerno och nach aus. Elo kréien déi zwee eng déck Kläpperei.

Mir setzen e Liicht bäi déi Geschicht  wou mir eng Léisung fonnt hunn. (Téiliichtchen ufänken an um Posten stoeloossen)

Schluss: op enger gemittlecher Plaz (villäicht ronderëm d’Lagerfeier)

De Simeon ass doudmidd. Him ass et fir ze kräischen, hien packt sech bal net méi, hie kënnt bäi  eng Schéier hei well hien raschten, an da weidersichen.

Hien setzt säi Liicht virsichteg dohinner a streckt sech de lange Wee ei dat deet gutt. Hei an der Scheier ass et waarm. Wéi de Simeon sech et wollt bequem maachen, du gëtt op eemol säi Liicht an der Lanter ganz grouss, D’Scheier gëtt ganz hell, an am Eck schléift gemittlech säin Schof, wat hien gesiicht huet.

## Esou kann een de Rallye ofschléissen.

Villäicht kann ee ronderëm en Lagerfeier austauschen iwwert dat wat mir erlieft hunn:

Mäi Liicht gëtt net méi kleng wann ech et weiderginn, mee elo ass d'Plaz oder de Bësch méi hell ginn. D'Liicht ass méi grouss ginn.

D'Kanner kréie Friddensliichtskäerze fir mat heem ze huele fir engem domat eng Freed ze maachen.

## Virbereedung + Material:

Beschreiwungen (am Anhang)  op de Posten ophänken

Op engem Posten teschent zwee Beem mat Ficelle e Spannennetz flechten

4 WindschutzKäerzen(matt engem Deckel) fir all Grupp

Fixfeier

Woll fir Frëndschaftsbännercher ze flechten


Suen aus Schokola

Friddensliichtskäerzen

# Posten 1:

Hei musst dir een deem aneren hëllefe fir duerch d’Spannennetz ze klammen, jidderee soll wa méiglech duerch een anert Lach doduerch.

# Posten 2:



Huelt d'Woll déi hei léit a maacht e Frëndschaftsbändchen an tauscht en ennereneen aus.

# Posten 3:

Hei si ronderëm Sue verstoppt, siicht se a bréngt se zesummen, an deelt.

# Posten 4

Liest folgend Geschichten duerch a wielt iech eng eraus. Iwwerleet op een hei verzeien kann oder wéi een d’Saach erëm an d’Rei bréngen kann.

Klauen:

De Paul huet e Fussball-Stickeralbum, him feelen nach genau 2 Stickeren an dann ass säin Album voll. De Jann huet fir ze tausche genau déi 2 déi him nach feelen, mee hie well him se net ginn. An der Paus huet de Jann wéi kee gekuckt huet him se aus dem Schoulsak geklaut.

Ausschléissen:

An der Paus hunn d'Jenny an d'Anne sech bäi der Joffer e Seel gefrot fir am Haff domat ze sprangen. D'Lisa well och matmaachen, mee si froe léiwer d'Jessica aus der anerer Klass, a loossen d'Lisa einfach do stoen.

Klappen:

De Kewin stéisst beim erausgoen den Alex esou fest, dass deen de laange Wee dohinner flitt, a laacht en duerno och nach aus. Elo kréien déi zwee eng déck Kläpperei.